N°664
Entrée le 17.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet an sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 664 vum 29. Abrëll 2024 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Nancy Arendt.**

- *Kann de Gesondheetsministère dës Zuele confirméieren?*

Op[1]der Säit 14 vum Rapport d'activités vum Planning familial steet datt am Joer 2023, 1034 Fraen eng Ofdreiwung gefrot hunn. Am Joer 2022 waren dat der nach 706, dat heescht datt 46% méi Demande gemaach goufen.

Op där selwechter Säit gëtt da geschriwwen datt 880 Ofdreiwunge geplangt goufen. Am Joer 2022 waren et der 653, wat dann am Verglach mat 2023 ee Plus vu 35% ass.

De Planning familial schreift dann als Kommentar dozou: « Les changements d'agrément délivré par le ministère le Santé en 2021 et 2023 ont certes contribué à cette hausse, néanmoins, en l'absence de collecte de données systématiques au niveau national, aucune conclusion ne peut être tirée de ces observations. »

- *Wéi vill Ofdreiwunge goufen ausserhalb vum Kader vum Planning familial duerchgefouert? Zu wéi engem Zaïtpunkt an der Schwangerschaft koum et zu besoten Ofdreiwungen?*

De Planning familial publizéiert op där selwechter Säit follgend Zuelen :

• 713 IVG (+28%) ont été pratiquées au Planning Familial jusqu'à 8 semaines depuis les dernières règles (8SA), soit 81% (729 étaient planifiées).
• 135 femmes ont été transférées au CHL.
• 16 IVG ont été pratiquées à l'étranger, dont 5 hors délai.

Well et an der Nomenclature vun den Doktere keng spezifesch Akte gi mat deenen een d'Zuel vun IVG'e kéint retracéieren, kënnen d'Zuelen déi de Planning familial ugëtt a puncto CHL net an den Fichier'e vun der CNS retracéiert ginn.

- *Wat ass déi perséinlech Situatioun vun de Fraen déi sech fir e Schwangerschaftsofbroch entscheet hunn? Wéi al si Sie? Wat ass hire pays de résidence?*

Dozou ginn et keng Donnéeën.

- *Wéi oft gouf "d'Pëll vum Dag dono" am Joer 2023 verkaf?*

D'CNS huet keng Verkaafszuelen. Hir Donnéeën erlaaben et awer d'Zuel vun den Ordonnancen opzestellen. Fir déi éischt 9 Méint vum Joer 2023 goufen 7.635 Ordonnance fir 5.166 Patientinnen ausgestallt.

- *Huet de Gesondheetsministère Kenntnisser zu den Ursaache vun dëser signifikativer Hausse?*

An deem Kader verweise mer op de Kommentar vum Planning familial. Well de Ministère selwer keng Donnéeën huet, kënne mer och keng Hausse feststellen, respektiv kommentéieren.

[1] 2403_PF_RA_F2-1.pdf (pfl.lu)

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

- *Wat ënnerhelt de Gesondheetsministère fir eng besser Datelag ze suergen?*

Déi Fro gëtt zesumme mat allen Akteur'en an den nächste Méint diskutéiert.

Lëtzebuerg, den 17. Mee 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez